

**E PUER**

**LËSCHTEG**

**SKETCHER**

e klenge Sketch iwert e Prabeli

Perso'nen: e Bauer an seng Fra

Bauer: Hé, Liss, wât mengst de, soll ech wuel den Frabeli mathuelen?

Fra : We's de denks, Mett.

Bauer: Ech mengen ganz, d'Wierder hält sech net bis den Owend. D'ass eso' schmeier an d'Mecken danzen eso' de'f, ech donge gudd drun, mein Prabeli matzehuelen.

Fra : Du hues Recht, Mett, huel e mat.

Bauer: Beim Goen, wär den Bengel mer awer me' bequem, ech könnt mech besser drop steipen. Omstand et bleiwt dach sche'n, dann hönnert de Prabeli mech nömnen; am Enn vergiessen ech en och nach an lössen en irgendwo' stoen. D'ass bestömmt me' gescheit, wann ech den Bengel mathuelen den Prabeli hei lössen.

Fra : Ma, dann loss en hei!

Bauer: Wann et dann awer Rén gött. Op dem ganzen Wé bis Klapterhéicht ass néierwo' en Önnerdach. Oder wuer soll ech mech do önnerdach stellen?

Fra : Ma dann huel e mat!

Bauer: Dén Prabeli hei ass awer guer net me' sche'n, en ass nach vu mengem Papp se'leg an op e puer Plätzen ass en zerrass. Ech muss mech schummen, wann ech engem domat bege'nen.

Fra : Dann loss en le'wer hei.

Bauer: Wann ech dann ower pletschnâss gin, he? T'wâr trotzdem me' geschéit e matzehuelen.

Fra : Dann huel e mat!

Bauer: D'ass net ausgeschloss dass d'Wierder sech dach nach hält. Et gét so' eng gudd Loft.

Fra : Dann loss en hei.

Bauer: T'könnt ower och eng Réloft sin! 't kann én der Sâch nie trauen.

Fra : Dann huel e mat!

Bauer: Onkamo'd ass en bestömmt, den Bengel wär mir vill me' bequem. Ech mengen ech riske'eren et dach fir en hei ze lössen.

Fra : Dann löss en hei, Mett!

Bauer: Hm, kuck iwerm Bierg de' schwartz Wollek. Dât weist ganz op en Wieder hin.

Fra : Dann huel en ower mat.

Bauer: Nömnen - ganz oft verze't espu e Wieder sech nées. An bis et d'Ké'er huet an eröm könnt, ass et am Enn Nuecht an ech sin schons eröm längst heihém.

Fra : Dann löss en hei!

Bauer: Mé d'Sonn, kuck és d'Sonn, de' gefällt mer guer nôt, dc' zitt Wässer!  
Kuck selwer op de' net Wässer zitt! Ech mengen et get dach nach haut  
e Wieder.

Fra : Dann huel e mat!

Bauer: t'könnt sech trotzdem nach hâlen bis muer oder iwer muer!

Fra : Dann lôss en hei!

Bauer: Awer mein Ho'scht! - Du wéss dach, we' huerteg ech et op der Broscht  
hun bei menger delikater Constitution. So' bâl ech nâss gin, léft d'Nues  
mer.

Fra : Dann huel en le'wer mat!

Bauer: Den Muergen hât ech schon nés d'Reissen an den Glidder- du kennst, jo  
mein âlt Leiden. Vleicht déd et mer gudd, wann ech e we'neg ofgekillt  
gin!

Fra : Dann lôss en hei!.

Bauer: Aso', du denks secher net un mein neien Paltong. Ech hun dem Schneider  
ere'scht en ganzen ko'p Geld op den Dösch geluegt fir en ze kre'en.  
Wann en nâss get, verle'ert en bestömmt all Fassong.

Fra : Dann huel en Mat!

Bauer: (wöll) Sapperlaut an Hackerstiwel, wât héscht dât: huel e mat, lôss en  
hei! Menger Liewdach konnt ech nach net leiden wann én bâl eso', bâl  
ânescht gesôt huet. Datt dir Fraleit awer oh ömmer so' wankelmiddeg  
musst sin. Lo huelen ech express guer Neischt mat.  
(léft rôsen fort, le'sst Prabeli an Paltong leien. Sie höllt an all Hand  
ént vun dénen ömstriddenen Objekten, röselt den Kapp a gét domadder  
die âner Seit fort.)

E Buch, wann ech gelifft

#####

Eng Librairie, dh. en Dösch, op dém verschidden Bicher leien. Iwert dem Dösch,  
eng Döschdecken, de' bis op den Buedem récht, dat ké kann gesin, wât önnert  
dem Dösch nach alles stét.

Cliente : Bonjour,

Vendeuse: Bonjour joffer, wât wär iech gefälleg?

Cl. : Ech hätt gären e Buch.

Vend. : Dât könnt dir hei kre'en. Wât soll et sin? Vleicht e sche'ne Roman?

Cl. : O nén.

Vend. : Dann vleicht eppes iwer sciences naturelles?

Cl. : Nén

Vend. : Gif e Buch iwert Technik iech dann vleicht eppes soen?

Cl. : Guer net.

Vend. : Jo wât fir en Buch hätt dir dann gären Joffer?

Cl. : Mein Freier huet geschwönn Nâmensdâch, an ech ge'f him gär fir de'

Gelégenheet e Gedichtsband schenken.

Vend.: Also eng Gedichtssammlung? Dir hutt Recht, Gedichter hun en eiwegen Wert.

Mir hun doran e groussen Choix. We' wier et z.B. mat dösem. (weist e Buch).

Cl.: (Wegwerfend) Dât ass ze dönn.

Vend.: An dém Fall, wär dât hei just dât Richtegt. (weist en ânert Buch)

Cl.: Oh, dât ass ze deck!

Vend.: An dât hei? 150 Fr

Cl.: Dât ass ze bëlleg fir e Geschenkbuch!

Vend.: Wann ech gelifft - (récht e Buch) 475 Fr.

Cl.: Dât ass mer ower ze deier.

Vend.: Soll et eppes Löschteges sin? Hei eng Sammlung : "Immer nur lächeln".  
(récht d'Buch)

Cl.: Mei Freier préféréiert eescht Lektür.

Vend.: Wann ech gelifft: "Lyrische Blätter von Tod und Sterben" (récht d'Buch)

Cl.: Mé dat passt awer schlecht fir en Nâmensdag.

Vend.: Vleicht sét dât hei Iech zou (récht en ânert Buch)

Cl.: De Pabeier ass bestëmmt nach Krichswuer.

Vend.: Dann hei (récht en ânert) Bütten, handgeklappt!

Cl.: Dât geseit sech esou protzeg un.

Vend.: (Weist en anert) Wann ech gelifft. Einfach a schlicht.

Cl.: Dât set guer neischt.

Vend.: An dât hei?

Cl.: Dién Aband dacht jo guer neischt.

Vend.: Dann hei, - echt Krokodill!

Cl.: Dat geseit aus ewéi en Familgenalbum.

Vend.: Dann ass dat hei vleicht dat Richtegt?

Cl.: Dât huet jo Goldschnëtt. Mei Freier kann Goldschnëtt net leiden.

Vend.: Hei e Buch: "Für jeden etwas".

Cl.: Wât fir jidderén ass, dât ass scho guer neischt fir mei Freier.

Vend.: Vleicht dat hei: "Amor, der lose Schelm" Ech géiw net jidderengem  
dat offréiren.

Cl.: Dât ass dach ze weltlech a profan!

Vend.: An dat hei: "KLänge aus dem himmlischen Jerusalem"?

Cl.: Dât ass ze fromm.

Vend.: (um Enn vun hirer Gedold, deitlech, mé ganz hurteg) Léiw Joffer, dât  
ént ass ze dönn, dat anert ze deck. Dat ént ze bëlleg, dat anert ze  
deier, ént ze löschteg, dat anert ze traureg, ént huet ze schlechten,  
dat anert ze gudden Pabeier, dén én Aband ass ze locker, dién aneren  
ze fest, dat ént ass ze weltlech, dat anert ze fromm...!!!

Cl.: Jo, et ass schwäer eppes Passendes fir mei Freier ze fannen, hien  
schreiw nämlech selwer Gedichter.

Vend.: (erliichtert) Ah, sou, Mee dann huet dir am Beschten, dir schenkt him  
dat hei.

(Sie hëllt ënnerem Dësch e groussen, eidelen Pabeierkuerw eraus, an  
récht der Cliente en duer.)

T'gét neischt iwert e gudd Gewëssen

~~~~~

Jeanny an Yvonne ( 2 hyperélegantgekleet Dämmercher). Eng Dame  
(Eng Konditorei, d.h. e klengen Dösch mat Still op dénen d'Jeanny an  
d'Yvonne sëtzen. Virun hinnen op dem Dösch Kaffi a Kichelcher. D'Yvonne  
hällt sech eng Zeitung vum Nopesch-Dösch. Et liest dran, dobei fällt et  
d'Zeitung esou dat et vun der lenker Seit erbei verstoppt ass).

Jeanny: (kuckt no lenks) So Yvonne -

Yvonne: Löss mech elo dach liesen. D'Welt gött ower ëmmer méi schlecht. Hei  
stét vun engem jonge Médchen vun 20 Joer, dat a kurzer Zeit, senger  
Mamm am Geschäft iwer 10.000 Fr Wueren geklaut huet. D'ass alt eng  
Manéier ewéi eng aaner fir zu Geld ze kommen, an et mech een sech dobei  
net zevill midd. Ech froen mech nëmmen, wéi sou eng Leit mat hirem  
Gewëssen eens gin.

Jeanny: (kuckt nach ëmmer no lenks) So, Yvonne dohannen sëtzt eng Dame déi  
bestänneg heihi kuckt.

Yvonne: Da loss se dach kucken, wann dat hir Spaas mecht.

Jeanny: So, Yvonne ech mengen ganz déi passt dir op.

Yvonne: (erféiert) Wats de net sés (et hält op mat liesen, hält d'Zeitung  
nach ëmmer virun d'Gesicht.

Jeanny: Sie schléit ké Bleck vun dir of.

Yvonne: (onroueg) So, wou setzt se?

Jeanny: Dohannen lenks gleich niewend der Dir.

Yvonne: Vun do aus kann se mech dach guer net gesin. Si wärt dach net nach  
durch d'Zeitung gesin?

Jeanny: Sie huet dech gesin, wéis du d'Zeitung geholl hues, zënterhier kuckt  
se bestänneg heihin.

Yvonne: Sou eng Ugeaffs mech mech nervös.

Jeanny: Ech sin iwerzeegt, dass déi eppes vun dir wëllt.

Yvonne: Sie soll mech a Rouh lossen. Ech wëll Neischt mat hir ze dun hun. Ech  
liesen elo d'Zeitung (wëllt weiderliesen, huet ower keng Rouh).  
So, Jeanny wéi geseit se aus?

Jeanny: Dann kuck; da geseis d'et.

Yvonne: Léiwier net, et kann een nie wëssen wât resou eng vun engem wëllt!

Jeanny: Abé, sie geseit aus ewéi aner Fraen, e groen classeschen Tailleur

Yvonne: Ass et vleicht d'Puddings?

Jeanny: Wien ass dat? Déi kennen ech net.

Yvonne: Ma meng Schneidesch, sie huet mir den Tailleur elei geliwert.

Jeanny: Dié wärt wuel nach net bezuelt sin?

Yvonne: Klôr dat e bezuelt ass!

Jeanny: Da brauchts de jo vrun hir net an der Angscht ze sin.

Yvonne: Ech hat fir dé Moment net genug boer Geld bei mir, du hun ech hir e Scheck op mei Pöstscheckkonto ausgestallt.

Jeanny: Dât ass esou gudd ewéi boer Geld.

Yvonne: Secher dat, ma fir de Moment steet net méi esou vill op mengem Konto.

Jeanny: Aha! aus dém Lach peift de Wand.

Yvonne: (denkt e wéineg no) Dât kann se awer nach net gemierkt hun, ech hun hir de Scheck eréischt virun 2 Auer gin, an haut ass et Samsdeg, dann sin d'Guichéen zou. Virum Méindeg kann se dât also nêt wëssen.

Jeanny: An dém Fall, ass et d'Puddings da wahrscheinlech net.

Yvonne: Ass se korpulent?

Jeanny: Schlank ewéi eng amerikanesch Filmschauspielerin.

Yvonne: (Erlichtert) Dann ass et se wirklech net.

Jeanny: Sie huet wahrscheinlech schwarz Hoer. Hiren Hutt ass bestëmmt e Modellhutt.

Yvonne: Wéi ? pech<sup>sch</sup>warz Hoer an e Modellhutt? Dât ass bestëmmt eng Modistin Der wöllt ech ower net grad an d'Gräpp laafen.

Jeanny: Wât hues de da mat der?

Yvonne: Fir d'Pengschten hun ech vun der e puer Pareisser Modellshitt geliwert kritt.

Jeanny: Da bass de jo e gudde Client, vleicht wëllt se dir souguer de Kaffi bezuelen oder hues de der ieren och en ongedeckten Scheck gin?

Yvonne: Sie ihuet vun onsen Wueren kritt am Wert vun hiren Hitt.

Jeanny: Dann ass dat jo O.K.

Yvonne: Wëss de, et war grad an der Zeit vun der Baisse. Ech hat dat gesin kommen an ech hu gesicht mech menger Wuer lass ze mâchen. Ech hat och Chance, well dén Dâch nodém ech hir d'Wueren gescheckt hât, ass den Artikel em d'Halscheckt gefall. Ech kann mer virstellen, dat se net grad mat frendleche Gefiller un mech denkt.

Jeanny: Dât kann ech verstoen, wanns du et esou mat den Leit mechs.

Yvonne: Kuckt se nach ëmmer heihinner?

Jeanny: Ganz beharrlech.

Yvonne: Wann et nëmmen d'Modistin net ass. - So, kënne mer nêt zu deser Seit fortgoen?

Jeanny: Nén, do ass keng Dîr. Wa mer eraus gin, musse mir lantscht hiren Dësch goen.

Yvonne: Dat do ass awer zevill domm. Et soll een och nëmmen an zeng Patisserie goen, déi 2 Ausgärg huet. Kuckt se nach ëmmer heihinner?

Jeanny: Wéi wann se dech durch d'Zeitung wellt hypnotiséieren.

Yvonne: Ass se geschminkt?

Jeanny: Nén net dié klengste Make-up.

Yvonne: Dann ass et d'Modistin och nët, dât ass nämlech en wandelnden Molkasten. Du dreiws een awer richteg an d'Eng. Ech wëll jo nömmen roueg meng Zeitung liesen. (liest weider, no kurzer Zeit onruueg) T'ass vleicht Carmela, mengem Mann seng éischt Freiesch!

Jeanny: Dat brauchts de jo net ze färten, jidder Mann hat emol eng éischt Freiesch. Du has him secher besser gefall.

Yvonne: D'Hochzeit war schon esou weit geriicht.

Jeanny: Dat war schons oft esou weit.

Yvonne: Sie woren schons an de Munengen.

Jeanny: Dat ass jo pénibel fir e Médchen, t'wor ower alles schons do.

Yvonne: E wéineg hat ech nogehollef, dass d'Saach soll opbutschen.

Jeanny: Ah sou, wahrscheinlech e wéineg vill, soss brahns de jo net ze färten. De Numm klengt esou auslännesch. Ass dât eng Italienerin?

Yvonne: De Papp wor Italiener.

Jeanny: Dann pass alt op! Mat dénen Südlänner ass net ze spassen, déi hun zimlech e liewegt Temperament an esou Händel machen sie gären direkt mat hire Partner of. Déi wert schons lang op esou eng Gelégenheet gewart hun.

Yvonne: Kuckt se nach ëmmer heihin ?

Jeanny: Bestänneg. Sie schengt sech elo ~~iver~~ fir eppes décidéiert ze hun.

Yvonne: Dât huet mech elei opgelauert, wann ech elo fortgin, dann stellt et mech zur Ried, vleicht hét et och dran an zéit mech mat den Hoer. Ech kann mech an enger öffentlecher Patisserie dach net einfach lasszéien lossen.

Jeanny: Lo stét se op.

Yvonne: Gét se fort?

Jeanny: Nén, sie gét net fort!

Yvonne: (ängschtlech) Vleicht gét se nömmen op d'Toilette.

Jeanny: Sie könnt heihinner.

Yvonne: (tounlos) Heihin?

Jeanny: Riicht op ons duer.

Yvonne: Jeanny, öm Gotteswöllen höllef mer.

Jeanny: D'huet é besser sech net a friem Händel ze mäschen et könnt é liicht eng mat erwéschen. (steet op)

Yvonne: Loss mech dach net am Plang! .

(Währenddem kënnt déi Dame lues op den Dësch zou. D'Jeanny zéit sech virsichtig e beschen zreck, d'Yvonne steet sprongbereet mat der Zeitung op senger Plaaetz, verstoppt sei Gesicht ëmmer nach dohannert)

Dame: Pardon Madame, kënnt ech d'Zeitung och elo kréien?

Yvonne: D'Zeitung, ah, dir wëllt d'Zeitung, ma gewëss, wann ech gelifft.

Dame: Villmols Merci

Jeanny: Lo hâs de jo nés eng Kéier Chance?

Yvonne: Wât hëscht hei Chance? Wat kann engem schons passéieren wann een e gudd Gewëssen huet.